



FAQ zu menger SNPGL ARAL KAART

- **Wéi kréien ech als SNPGL Member eng ARAL Kaart?**

Du méchs eng Mail op may@snpgl.lu oder riffs um SNPGL Sekretariat (244 404 278) un. Pro Stot kenne max. 2 ARAL Kaarten ugefrot ginn. Du kriss duerno all Dokumenter gemailt déi ausgefëllt, per Mail oder per Post, direkt un den SNPGL zréckgeschéckt ginn. Den SEPA-Ziedel, d.h. d'Domiciliatioun, muss 2 Mol identesch ausgefëllt ginn. Wichtig, Du kanns just 1 Kontosnummer uginn, d.h. déi selwecht IBAN Nummer kennt op déi 2 SEPA Dokumenter.

- **Kann ech 2 ARAL Kaarten op een an dee selwechten Numm ufroen?**

Jo, dat geet. Allerdéngs mussen déi 2 Nimm liicht vuneneen ofwäichen (M. Mustermann / Max Mustermann)

- **Kann ech bei 2 ARAL Kaarten och 2 verschidde Konten ugi fir d'Rechnung ofzebuchen?**

Nee, bei 2 Kaarte mussen déi 2 Kaarten op een an dee selwechte Bankkonto lafen.

- **Muss ech meng komplett Kontosnummer ugi fir kennen eng ARAL Kaart ze kréien?**

Jo, Du muss deng komplett IBAN Kontosnummer uginn, d'Nummer vun denger Kredit/Débitkaart geet net.

- **Muss ech eng Emailsadress ugi fir kennen eng ARAL Kaart ze kréien?**

Jo, et ass eng Emailadress erfuerderlech fir déi monatlech Rechnung kennen ze verschécken.

- **Muss ech eng Kopie vu menger Carte d'Identité (recto/verso) bäileeë fir kennen eng ARAL Kaart ze kréien ?**

Nee, net onbedéngt. Falls keng Kopie vun denger Carte d'Identité bäiläit, muss Du dech iwwert e Link identifizéieren, deen ARAL Dir schéckt. Natierlech ass dëst mat méi Zäitopwand verbonnen.

- **Wat maachen ech, wann ech meng ARAL Kaart geschéckt kréien?**

D'Kaart(en) gëtt/gi mat der Post zougeschéckt. Den Dag duerno kriss Du per Post däi PIN. Fir däi PIN siichtbar ze maachen, zéi de Pabeier vun hannen erof. Et ass kee Rubbellous. All Kaart huet säin eege PIN.

- **Kann ech, oder ARAL, de PIN vu menger ARAL Kaart änneren ?**

Nee, de PIN ass fix a ka weder vun Dir selwer, nach vun ARAL, geännert ginn.

- **Kann ech meng ARAL Kaart och am Ausland benotzen?**

Nee, deng SNPGL-ARAL-Kaart kann nëmmen zu Lëtzebuerg benotzt ginn an dat kann och net geännert ginn.



FAQ zu menger SNPGL ARAL KAART

- **Kann ech d'Limitt vu menger ARAL Kaart op >500€/Mount eropsetze loossen ?**

Nee, d'Limitt ass fir 1 oder 2 Kaarten op 500€/Mount pro Clientskont begrenzt.

- **Wat geschitt wann ech d'Generalkonditiounen net (méi) erfëlle resp. respektéieren (z.B meng monatlech Rechnung net bezuelen, d'Memberschaft am SNPGL kënnegen, asw.) ?**

Wann s Du d'Generalkonditiounen net (méi) erfëlls resp. respektéiers, gëtt deng ARAL-Kaart direkt gespaart. D'Entspären vun der ARAL-Kaart geschitt réischt wann d'Konditiounen (rëm) erfëllt sinn.

- **Wisou ass d'Limitt um Tankomat op xx-L Sprit/Tankvirgang limitéiert?**

Dëst ass eng Virastellung, jee no Tankomat, a kann net geännert ginn. Wann s Du däin Tank komplett fëlle wëlls, muss Du eng Tanksail op der Tankstell wielen, wou s Du duerno an der Kees bezuele kanns.

Et ass am allgemengen dovunner ofzeroden um Tankomat ze tanken, ausser Tankstellenkees ass zou, well virun all Tankvirgang automatesch gepréift gëtt, wéi héich d'Limitt um Clientskont (500€) nach ass, a jee no Virastellung vum Tankomat (max. xx-L Sprit/Tankvirgang) gëtt den Tankvirgang direkt automatesch refuséiert well d'Limitt vum Clientskont net méi héich genuch ass par rapport zur max. L-Sprit-Zuel déi bei der Virastellung vum Tankomat (max. xx-L Sprit/Tankvirgang) besteet.

- **Wat maachen ech wann eng meng ARAL Kaart verluer hunn oder gestuel krut?**

Am Fall vu Verloscht oder Déifstall, direkt d'Kaart späre loossen andeems Du direkt eng Email op aralcard@aral.lu méchs an deng Kaarten- oder Klientsnummer mat ugëss.

- **Wéi kann ech meng perséinlech Donnéeë vu menger ARAL Kaart ännere loossen?**

Am Fall vun Adressewiessel, Kontowiessel oder soss enger Ännerung, einfach eng Mail op aralcard@aral.lu mat deenen neien Donnéeë maachen a meng Kaarten- an/oder Klientsnummer mat uginn.

Als kleng Erënnerung fir d'Uwendung vun de Remisë:

D'Remisë gëllen op all ARAL & BP Tankstellen am Grand-Duché ausser um Autobunnsreseau (Aire de Capellen & Aire de Berchem).

Am Car-Wash gëllen d'Remisen nëmmen op deene Statiounen, déi vun ARAL bedriwwe ginn (-> Lëscht).

D'SNPGL ARAL Kaarte funktionéieren och op den TOTAL Tankstellen zu Lëtzebuerg, mee do ouni iergendwellech Remisen an déi Virgäng ginn och op däin ARAL Clientskont verbucht (max. 500€/Mount fir 1 oder 2 Kaarten).

Bei all weidere Froen oder Onkloerheeten,

zeckt net iech bei eis ze mellen Tel: 244 404 278 - Mail: may@snpgl.lu / snpgl@snpgl.lu